1-2017-O-R-5246-01 (n° 2872)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

P.L. 7215

Depot: Roy Reding

Lëtzebuerg, de 26. Juli 2018

1

## Motioun

D'Chamber

- ass sech der Wichtegkeet vum Assurancesecteur bewosst;
- gesäit d'Entwécklungspotential vum Assurancen- a Réassurancesecteur ;
- behält d'Situatioun vu Lëtzebuerger Acteuren géintiwwer der internationaler Konkurrenz am Aen;
- wëll jonke Mënschen ët méi liicht maachen, sech am Versécherungssecteur eng Zukunft opzebauen;
- gesäit beim PL 7215 aus all deene Grënn zousätzlechen Handlungsbedarf.

D'Chamber fuerdert d'Regierung op:

- bei der Definitioun vun den Intermediairen an Assurance a Réassurance d'Funktioun vum „Intermédiaire souscripteur d'assurance" ze berécksiichtegen an dës an de legale Kader anzebannen;
- bei den Obligatiounen, a besonnesch dem Gesellschaftskapital, deenen Assurance-Courtieren ënnerleien, méi differenzéiert virzegoen, entweder:
  - o andeems d'Fuerderung no finanzielle Récklagen opgehuewe gëtt, oder
  - o duerch eng Kombinatioun mat enger berufflecher Haftflichtversécherung oder
  - o duerch eng Beschränkung vun den Oplagen op déi Courtieren, déi tatsächlech Primen vun hire Clienten encaisséieren an och
  - o andeems déi ënnerschiddlech finanziell Couverture, déi vu Courtiere verlaangt gëtt, ofhängeg dervun ob si „personne physique" oder „morale" sinn, vereenheetlecht gëtt.

Roy Reding